ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. Juli 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Déi staatlech Bank BCEE (Spuerkeess) besëtzt de gesetzleche Monopol fir hier Kreditakten an Hypothéiken ("ouverture de crédit") selwer ze maachen, ouni datt en Notaire muss intervenéieren.

An deem Kontext stelle sech e puer Froen:

1. Wéi justifizéiert sech dës Ongläichbehandlung tëscht Banken op der Plaz ?
2. Wéi fakturéiert d'Staatsbank dëse Service? Wéi héich sinn d'Käschten am Verglach mat den Honoraire bei engem equivalente Kreditsakt?
3. Wann de Keefer d'Kritèren erfëllt (aides au logement), kritt hien d'Hallschent vun den Notaireshonoraire vu sengem Kreditsakt zeréck. Ass dat och esou bei de Käschten, déi hien als Spuerkeessclient bezuelt huet?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique